

Am Dall vun der Ahr

11 Wochen no den uergen Iwwerschwemmungen

Wat packt een a wann ee fir 800 Leit kache muss? An dat e ganze Weekend laang an 200 Kilometer wäit fort. Déi Fro huet sech d'Amicale vun den Ettelbrécker Pompjeeë misse stellen, wéi si leschten Donneschdeg d'Camionen a Richtung Dall vun der Ahr gepackt hunn. Si hu sech nämlech als Zil gesat fir an där Géigend ze kachen, déi virun 11 Wochen esou uerg vun den Iwwerschwemmunge betraff war. Dofir hu si lesse gesammelt fir d'Leit dohannen an déi Leit, déi do si fir bei den Opraumarbechten ze hëllefen.

18 Tonne Liewensmëttel sinn dofir leschten Donneschdeg zu Ettelbréck bei den Däichhale verluede ginn. An eisem RTL-Reporter hu mir déi ronn 32 Benevoller begleet a kruten de Moien e klengen Abléck an déi ganz Aktioun. De Roland Dewans war ee vun den Organisateuren an déi lescht Woche si virun allem vill Telefone ronderëm gaange fir all déi Liewensmëttel beieneen ze kréien.

Roland Dewans: *Dass Hektik, dass Stress, dass einfach flott, mir waren de Moien op den Tour bei déi eenzeg Firmaen, déi Wieder déi ee vun den eenzele Leit kritt. Dat ass mega. Déi ënnerstëtzen eis mat léiwe Wieder, mat Material. Alles wat mir brauchen, kréie mir dobaussen. Et ka keen sech virstellen, wat do duerch ee geet. D'Gefiller einfach... et ass cool.*

D'Reaktiounen ware besser wéi si et sech erhofft hunn, ganz vill Entreprises hu Liewensmëttel oder Sue gespent, déi dunn all mat an Däitschland konnte geholl ginn. Och Privatleit hunn sech bedeelegt an zum Beispill Kuche gebak. D'Iddi ass hinne komm, wéi si sech Gedanke fir de nächste Projet gemaach hunn. Zanter knapp 40 Joer huet d'Ettelbrécker Amicale vun de Pompjeeën eng Noutfallkichen. Déi ass mobil, séier opgeriicht a ka bis zu 1000 Leit bekäschtegen. Hei am Land ass si zum Beispill an den Asaz komm, wéi d'Ettelbrécker Klinik 1993 ënner Waasser stoung. Am Dall vun der Ahr gëtt si och elo gebraucht, all Hëllef ass do weiderhi batter néideg.

De Stephan Kallenborn vun de Pompjeeën aus Altenahr.

Stephan Kallenborn: *Wir werden auch in den nächsten Monaten noch sehr viel Hilfe brauchen. Was den Wiederaufbau betrifft. Wir werden Unterstützung von Handwerkern brauchen. Sehr viel. Wir werde Leute brauchen, die hier mit anpacken, die die Bürger hier beraten können. Die einfach da sind und unterstützen. Damit die Leute hier merken, dass sie nicht allein gelassen werden. Die Leute brauchen jetzt eine Sicherheit, dass sie wieder aufbauen können. Wie sie wieder aufbauen können und sie brauchen Leute, die ihnen dabei helfen das wieder auszubauen.*

Et ass an deene leschte Woche vill geraumt ginn, aktuell gi vill Haiser dréche geluecht. Duerno geet et dorëms nees opzebauen. Vill Haiser sinn zerstéiert ginn, anerer komplett fort gespult. Melle kann een sech iwweh helfer-shuttle.de, do gëtt een da koordinéiert. A wien vill schafft, ësst jo bekanntlech och gutt. An dofir waren dann de Roland Dewans a seng Equippen dëse Weekend ënner anerem zoustänneg.

Roland Dewans: *Et ass leider vill hei uewen, dass d'Leit mat Konservendouse momentan hei ernäert ginn, respektiv d'lesse kënnst vu wäit hir. Si hunn net vill, ech wëll net soen, näischt. Awer si hunn net vill. Eist Ziel ass et einfach ee gutt lessen ze zerwéieren, et gëtt alles hei frësch op der Plaz gekacht. Mir hu ganz vill frëscht Geméis, mir hu ganz vill Uebst matbruecht. Fir d'Kanner mol eng kleng Lutsch fir tëscheduerch, mir wëllen einfach deene Leit mol rëm eng Kéier, déi Deeg. déi mir elo hei sinn eng Normalitéit schenken. Wat et ëmmer fir si normal ass. A wat haut net méi fir si normal ass.*

